



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg



Lëtzebuerg, den 12/03/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Digitalisatioun, Interieur & Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.

Wéi d'Plattform heise.de an engem Artikel vum 1. Mäerz 2019 beréicht, hu Gemengen an Däitschland op Problemer mat Windows-Betriebssystemer an ëffentleche Verwaltungen opmierksam gemaacht. Et solle Schwierigkeete ginn fir d'Sécherheet vun den Donnéeën ze garantéieren, well Windows Notzerdate zu all Zäitpunkt un hir Serveren an den USA schécke kann. An Informatikerkreiser sinn d'Schwächen an d'Gefore vu Windows-Betriebssystemer a Programmer scho säit laangem bekannt; Windowslizenze kaschte Geld, bidde keen effektiven Dateschutz, sinn immens ufälleg fir Malware a reperkutéieren domadder déi national Souveränitéit iwwer digital Donnéeën.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

- Opgelëscht no Ministère an ausgedréckt a Prozent, wéi eng Betriebssystemer ginn am ëffentleche Secteur agesat?
- Wéi eng Mesurë benotzt d'Regierung fir sech géint déi uewe genannte Schwächen a Gefore vum Windows Betriebssystemer ze schützen? Sinn dës Mesuren als erfollegräich anzestufen?
- Wéi garantéiert d'Regierung, dass vertraulech Dokumenter net duerch Windowsprogrammer op net gewollte Servere kënne kopéiert ginn?
- Wéi eng Virdeeler gesäit d'Regierung am Benotze vun Open Source Léisungen? Wäert d'Regierung beim Ausbau vun der Informatik am ëffentleche Secteur – dorënner och an de Gemengen – Open Source Léisungen virzéien?
- Vu dass d'Regierung aus Lëtzebuerg ee Virreidermodell an der Digitaliséierung maache wëll, ass den Här Minister der Meenung, dass d'Regierung méi Efforte maache misst, fir zumindest am ëffentleche Secteur de Gebrauch vun alternative Betriebssystemer ze fërderen? Wéi eng Efforte sinn an dësem Beräich scho konkret gemaacht ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député



www.piraten.lu



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Digitalisation

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

Entrée le :

11 AVR. 2019

Luxembourg, le 11 avril 2019

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
43, boulevard F.D. Roosevelt
L-2450 Luxembourg

Concerne : Question parlementaire n°484 du 12 mars 2019 de Monsieur le Député Marc Goergen – Systèmes d'exploitation utilisés par le secteur public

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe et aux fins qu'il appartiendra la réponse commune de Madame la Ministre de l'Intérieur et du soussigné à la question parlementaire susvisée.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Marc Hansen
Ministre délégué à la Digitalisation
Ministre de la Fonction publique

Äntwert vum Här Marc Hansen, Delegéierte Minister fir Digitaliséierung, Minister fir d'Fonction publique, a vun der Madame Taina Bofferding, Inneministesch, op déi parlamentaresch Ufro No 484 vum 12. März 2019 vum Här Deputéierten Sven Clement

Beim öffentleche Secteur ginn et méi Entitéiten déi informatesch Servicer ubidden. Dës Entitéiten hunn en eegene Budget fir Informatik a geréieren e groussen Deel vun hirer Informatik selwer. De CTIE - Centre des technologies de l'information de l'Etat - steet ënnert der Tutelle vum Minister fir Digitaliséierung an equipéiert e groussen Deel vun de staatlechen Institutioune. D'Ministèren a Verwaltungen, déi vum CTIE geréiert gi, lafen op folgende Server Betriebssystemer: Linux 59%, Windows 29%, Unix 11%, aner 1%. En Opdeelen op eenzel Ministère ass net eendeiteg méiglech, well e groussen Deel vun de Serveren net engem spezifesch Ministère zougewise sinn.

99% vun den Aarbechtsstationen, déi vum CTIE bei de Ministèren a Verwaltungen installéiert ginn, fonctionnéieren op Windows Systemer. Wat déi mobil Geräter ugeet, fonctionnéieren 69% op Android an 31% op iOS Systemer.

Fir eng méiglechst héich Sécherheet beim Notzen vu Betriebssystemer a Programmer ze erreechen, ginn déi vum CTIE installéiert Aarbechtsstationen intern geréiert. Doduerch sinn si, bei Umeldungen a bei Updaten net vu Microsoft-Cloud-Déngschter ofhängeg.

Duerch eenheetlech configuréiere vun de Stationen per Group Policy, gëtt d'Sende vun Telemétrie-Informationen u Microsoft op e Minimum reduzéiert. De CTIE notzt dofir d'Versioun Windows Enterprise déi et erméiglecht d'Kommunikatioun mat Microsoft vill méi ze begrenzen, wéi dat zum Beispill de Fall bei der normal verfügbarer Versioun Home a Professional ass.

D'Standard-Konfiguratioun vum CTIE gesäit vir, dass Dokumenter net op net gewollte Servere kënne kopéiert ginn. Ausserdeem gëtt eng strikt Rechterverwaltung op allen Niveauen an eng gutt Gestiou vun alle Systemer mat séierer Verdeelung vu Sécherheets-Updaten assuréiert. De CTIE fleegt och eng enk Zesummenaarbecht mam GovCERT.

D'Lëtzebuerger Gemenge benotzen haaptsächlech "Windows" als Betriebssystem. Verschidde Gemenge geréieren hiren eegenen Informatikpark, wougéint anerer vu Societéiten ënnerstëtzt ginn déi op dësem Gebitt spezialiséiert sinn.

De Betriebssystem "Windows" ass, grad ewéi och aner Betriebssystemer, eng Zilscheif fir *Malware*. Fir dogéint virzegoen, gëtt vu Microsoft all Joer investéiert fir esou e *Cyber-ciblages* z'ënnerbannen.

Fir d'Gemengen ass "Windows" e gängegt an iwwersichtlecht Betriebssystem, an der Gestiou ewéi och am Ëmgang.

D'Gemenge benotzen och "öffentlech Clouds" fir d'Donnéeën ze späicheren. Trotz der Tatsaach, datt viru kuerzem vun der neiséilännescher Dateschutzautoritéit eng Analys zum Thema Dateschutz publizéiert ginn ass (Oktober 2018), an där festgestallt gëtt, datt d'Microsoft-Cloud eng ganz gesécher Optioun ass, kënne sech 101 vun deenen 102 Lëtzebuerger Gemengen op de "SigiDrive" verloossen, eng kommunal Cloud déi esouwuel den Austausch ewéi och d'Date mat dem kommunale Secteur séchere soll. D'Iddi ass et, öffentlech Clouds net ze benotzen, fir esou Informatiounsfuiten z'evitéieren. Eng Erweiterung un aner öffentlech Acteuren ass zu all Moment méiglech.

De Lëtzebuerger Gemengesecteur favoriséiert, nieft dem Opbau vun enger "kommunaler privater Cloud" den Asaz vun oppene Betriebssystemer, ewéi z.B. oppe Progiciellen esou wéi Entwécklung mat oppene Programméierersproochen. Am Kader vum "Data Centre communal" hu säit 2016, 101 vun 102 Gemengen en ambitiöse Migratiounsplang en place gesat fir all kommerzielle Progiciel duerch eng oppe Léisung ze ersetzen. Esou baséiert haut méi ewéi en Drëttel vun den zentrale Systemer vun de Gemengen a quasi all Neientwécklungen op Open Source Léisungen.

Am Fall vun engem konkrete Besoin u neien informatésche Produiten, ginn all potentiell Léisungen no den Aspekter Käschten, Erfëllung vun de Besoinen, Supportabilitéit a Folgekäschte gepréift. Dobäi kommen dann och Open Source Léisungen zum Asaz.

Wéi déi uewe genannten Zuelen et weisen, ginn also oft alternativ Betriebssystemer beim Staat genotzt. De Gebrauch vun esou Systemer hänkt an der Haaptsach vun den ugebuedene Léisungen an de garantéierte Sécherheets- a Qualitéits-Critèren of.